

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2021

Här President,
sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden mir lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Aus engem Urteel vun der Cour administrative ass leschten Dënschdeg ervirgaangen, datt den Inneministère véier Posten an de Budgeten 2019 an 2020 vun der Gemeng Ëlwen zu Onrecht gestrach huet. Et geet an deem Kontext ëm den Entretien an d'Hëtzen vun de fënnef Kierchen an dräi Kapellen, déi der Gemeng Ëlwen gehéieren.

Laut der Konventioun tëscht dem Staat an dem Kierchefong wär et enger Gemeng net erlaabt, de Kierchefong ze ënnerstëtzen. De Buergermeeschter huet an deem Kontext allerdéngs betount, datt d'Gemeng Intressi huet um Entretien vun dëse Gebaier, déi iwverdeems och nach der Gemeng gehéieren. D'Ëlwenter Gemeng krut doropshin an zweeter Instanz vum Verwaltungsgericht Recht.

An deem Zesammenhank hätte mir folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Erginn sech aus deem uewe genannten Urteel och Konsequenze fir aner Gemengen?
2. Wa jo, ginn elo all déi Gemengen, déi an engem änleche Fall sinn, iwwert déi nei Faiten, déi sech aus dësem Urteel erginn hunn, informéiert?
3. Wéi eng allgemeng Conclusiounen zitt d'Madamm Minister aus dësem Urteel, besonnesch am Hibleck op d'Gemengebudgeten?

Mat déiwem
Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten